Mat Begeeschterung an Ausdauer

Oder: „Méng Erfarungen an Erliefnësser an 20 Joer Aumônerie bei Jongbaueren, Jongwënzer a Landjugend"

Dësen Artikel soll – esou gouf ech gefrot –, méng perséinlech Erfarungen, Erliefnësser, Konklusiounen... vun 20 Joer Aumônerie bei de Jongbaueren a Jongwënzer a bei der Landjugend erëmgin.

Vu vir era weess ech, datt dat mir nët gelénge kann, well „Erliefstes" huet nun eemol mat „Liewen" ze dun, a wann ee probéiert, et ze ëmschreiwen, geet dat Direkt, dat Eemolegt, dat Pikant verluer.

Derzou kënnt, datt et ëmmer och u konkret Persounen an Ereegnësser gebonnen as, déi an däer Form nët méi erëmkommen, ofgesin dovun, datt et nët liicht as, sech no Joren erëm an eng Zäit zréckzeversetze mat anere Viraussetzungen, anere Leit, anere Bedingungen, engem aneren Zäitgeescht...

Dat as mir nei bewosst gin, wéi ech no Joren an dësen Deg emol erëm an de gebonnene Joergäng vum „Lëtzebuerger Duerf" oder an de Broschüre gebliedert, respektiv eis „geschwat Broschür" (Cassette) mat der Stëmm vum Grëndungspresident, dem Här Äerzbëschof Jean Hengen, a ville Frënn vun der Organisatioun mat Intressi gelauschtert hun.

Wéi wann et gëscht geweesst wär...

Ech muss soen: Trotz de Jore fällt et mir nët schwéier, mech an dësem Jubiläumsjoer dankbar un all déi Medercher a Jongen – haut sin et Mammen a Pappen –, ze erënneren, denen hir Begeeschterung an Ausdauer et an de siwenzeger Jore méiglech gemaach hun, aus dem Stack vun de Jongbaueren a Jongwënzer d'Landjugend erauswuessen ze loossen, fir engersäits de jonke Bauer – et goufen der an all Duerf nëmme méi e puer –, aus der drohender Isolatioun erauszehiewen an anererséits fir d'Suerg ëm eis Dierfer nët einfach „frieme Kräften" ze iwwerloossen, mä zesumme fir d'Zukunft vun eisen Dierfer Suerg ze droen.

Mäin éischte Gedanken aus dofir e ganz häerzleche Merci un dës jonk Responsabel, dës Frënn, fir hiirt Matmaachen, hire Wäitbléck an hir Trei. Et sin un éischter Plaz eis National- an Dekanatspresident(inn)en an d'Comitésmêmberen, déi ëmmer wéi ee Mann zesummestongen, besonnesch, wann et ëm Wesentleches gong. Ouni si wär villes nët méiglech gewiescht.

An dëse Merci schléissen ech awer och all déi an, déi als

Den Abbé Léon Kirsch um Ufank vu séngem Ministère als Nationalaumônier

Erwuessen duurch hir Sympathie hannerun äis stongen, och wann hir Nimm haut nët méi an der Aktualitéit stin:

– de Bëschof Leo Lommel, de Bëschof Jean Hengen, de Pater Henri Spoden, den Direkter Victor Elz, déi geeschtlech Frënn Jos. Felten an Henri Hamus, déi jeweileg Ministeren a Responsabel aus de landwirtschaftlechen Organisatiounen an der Akerbauschoul... Si ware fir äis méi wéi nëmme „Bürosmënschen".

Dozou gehéieren och d'Leit vun der Press, vum Radio a vun der Televisioun, déi geholl ef hun, der Stëmm vun der Jugend dee richtegen Echo ze gin an d'Öffentlechkeet opmierksam ze maachen op d'Suerge vun denen, déi ëmmer méi zu „Bierger zweter Klass" degradéiert goufen.

A „last but not least" soll un all eis Entwécklungshelfer ronderëm de Pater Ekkelboom – deen dëst Joer donidden an Afrika och e Jubiläum feiert; 75 Joer –, geduecht gin. E ganz spezielle Merci vu ménger Säit geet awer un de Frënd Leo Wagener, den Aumônier vun elo: Hätt hien nët bereetwëlleg säi „Jo" gesot, da wär villes ëmsoss gewiescht, wat 1928 kleng ugefaang huet a sech de jeweiligen neie Situatiounen unzepasse wousst, fir mat neiem Elan d'Jorhonnertschwell ze iwwerschreiden.

Vum Kaploun zum Nationalaumônier

Et war also am Joer 1970, wéi den deemolege Bëschof Leo Lommel de jonke Kaploun vun Nidderkuer – ech war jo knapps 5 Joer do, an hat mech grad mat Läif a Séil bei der JOC engagéiert –, an der Nofolleg vum „Bauerepater" Henri Spoden, dee krank gi war, zum Nationalaumônier vun de Jongbaueren a Jongwënzer ernannt huet.

„Et as méng lescht Ernennung", sot de Bëschof an enger Dëschried op der Kiirmes a séngem Hemechtshaus um Schläderhaff – ech war mat invitéiert, well kuurz virdrun e Meedchen aus ménger neier Por, Betteng-Mess, op den Haff abestued gi war –, an hien huet derbäi gesot: „Hien as och vum Bauer, an en huet en Häerz fir d'Jugend!" Dat waren Argumenter, an ech hat hinnen näischt entgéintzesetzen. Esou goung en zojäregt Abenteuer un!

E Lëtzebuerger Modell

Awer esou evident war et dach nët, fir vum Aarbechtermilieu an d'Duerfmentalitéit, a besonnesch an déi konkret

Ëmmer dobäi an ëmmer mat Photoapparat

Bauereproblematik vun de 70er Joren eranzewuessen. Nodeem ech mech op eege Fauscht e bëssen am Ausland ëmgekuckt hat a mat neien Iddien a voller guddem Wëll mat der Realitéit konfrontéiert gouf, war et mir direkt kloer: Hei as keen „Import", mä „e Lëtzebuerger Modell" gefrot. Och déi Jugendlech – et waren der zwee vun der Musel –, déi allebéid herno eng wichteg Roll an der Organisatioun spille sollten, hu mech an där Perspektiv bestätegt.

Vum „Objekt" zum „Subjekt"

Wéi eist Schaffe konkret ausgesi sollt, dat konnt also nët vum „grengen Dësch" aus geplangt an entscheet gin. Et huet mussen no an no a ville Gespréicher, an zech Kontaktowender mat der Basis an eisen Dierfer Gestalt unhuelen.

De „Schrumpfungsprozeß" bei der Bauerebevölkerung, déi steigend Zuel vu Jugendlechen an eisen Dierfer, déi zwar hir Wuurzelen am Baueremilieu haten, awer „gezwonge" goufen, en anere Beruff ze ergräifen, ouni dofir aus dem Duerf fortzezéien, déi vill Dierfer ouni Geeschtlech an nach vill aner Grënn hun et nogeluegt, eng Neiorientéierung vun der Pastoral am Landmilieu „ze erfannen".

Dat war ägentlech d'Gebuurtsstonn vun der Landjugend, woubäi ech soe muss: Et waren ëmmer déi Jugendlech selwer, déi méng pastoral Iddien op d'Prouf gestallt a se mat der Realitéit konfrontéiert hun. Den deemolege Minister Jean-Pierre Büchler, e gudde Frënd vun de Jongbaueren an de Jongwënzer, huet mir eng Kéier an deem Zesummenhank gesot:

„Et deet gutt ze gesin, wéi déi jonk Leit hir Saach selwer an d'Hand huelen, matschwätzen a matentscheden, dat heescht d'Entwécklong matbestëmmen a se nët ‚frieme Kräften' iwwerloossen. Mat anere Wierder also ‚vum Objekt zum Subjekt' gin!"

Dat war keng einfach Optioun, awer si hat hir lescht Motivatioun an der chrëschtlecher Opfaassung vum Mënsch („Menschenwürde").

E klenge Spadséiergank duurch 20 Joer geeschtlech Begledung vu jonke Leit bei de Jongbaueren, Jongwënzer an der Landjugend

Wéi den Aumônier Leo Wagener mech gefrot huet, fir dësen Artikel ze schreiwen, huet hien – ahnungslos oder bewosst? –, derbäigesot: *„D'Säitenzuel bleift Dir iwwerlooss..."*. Ech wëll dës Grousszügegkeet nët mëssbrauchen a mech dofir op **Haaptereegnësser** beschränken. Dohanner verstoppt sech awer ëmmer e wichtegt Uleies. An ech hoffen, datt *de*

Den Aumônier mat de Jonken

Jubiläums-Landjugenddag den 13. Mee 1999 zu Stadbriedemes villen d'Geleënheet bitt, de „vive voix" esou munnech Anekdot opzefrëschen, sou muenchen duurchstanene „Kampf", sou munnech frou Stonn mat dem verkläerte Bléck vun haut an där néideger Distanz richteg anzeschätzen – „à la manière" vun engem groussen, nationale Konveniat!

– Bewosst nennen ech fir d'éischt déi kleng **Aarbecht un der Basis**, déi nët ze ersetzen as an ouni déi näischt vun Dauer entstoe kann.

– Da sin et natiirlech och **d'Héichpunkte** gin – op nationalem, internationalem a regionalem Plang –, wéi z.B.:

- d'Jongbaueren- an d'Jongwënzerdeg zu Ettelbréck,
- déi national Landjugenddeg an alle Géigende vum Land,
- d'Entwécklungsaarbecht (mat den Afrika-Expeditiounen),
- eng Onmass Studieresen,
- den Austausch,
- den Europa-Engagement (Grëndungsmêmber vum CEJA),
- d'Info-Stänn op de Foiren (Kiirchbierg an Ettelbréck),
- d'Publikatioun vun der Zeitung „Lëtzebuerger Duerf", vu Broschüren, Kalenneren asw.,
- déi grouss Emfro: „Eng Zukunft fir eis Dierfer",
- d'Mataarbecht bei den Emweltorganisatiounen (Beroder),
- Hëllefsaktiounen (Rumänien...),
- d'Matorganisatioun beim Pélé des jeunes, beim Poopstbesuch, an et kënnt een nach laang virufueren.

Et gong bei all deem ëmmer ëm de Mënsch, an zwar a sénger Ganzheet, esou, wéi et am franséischen Numm „Jeunesse rurale catholique" däitlech zum Ausdrock kënnt.

Aus dëser Perspektiv ergët sech d'Präsenz vum Aumônier als selbstverständlech. Hien as nët einfach „pro forma" do, mä hien huet séng Plaz matten ënner de Jugendlechen. Hie war an as iwwerall derbäi. Jo, fir muenche Jugendlechen, deen a séngem Duerf kee Paschtouer méi huet, as hien deen eenzege „geeschtleche Begleder", deen him „hautno" begéint an den entschedende Jore vun der kritescher Ausenanersetzung mat Gesellschaft a Kiirch. (Dësen Aspekt kënnt jo op enger anerer Plaz an dëser Broschür zur Sprooch, nämlech am Bäitrag: „Kiirch 2005".)

E puer Grondprinzipien

Aus ménger eegener Erfarung däerf ech vläicht fir ofzeschléissen der e puer vun dene Grondprinzipien nënnen, déi mäin Engagement an all dene Jore geleet hun, an déi am Fong agebett sin an d'Regele vun enger moderner Jugendpastoral:

Eng besonnesch Freed war et fir de Velosportfan Léon Kirsch, dass de Charly Gaul um Stand vun der Entwécklungshëllef gepompelt huet
(Photo: Tessy Hansen)

Begeeschterung bei der Präisverdelung um LJ-Dag

Als Aumônier

- *war et mir ëmmer wichteg,* vum konkrete Liewe vun dene Jonken auszegoen,
- louch et mer ëmmer um Häerz, déi jonk Leit an hirem Sichen *eescht ze huelen* an hirem ausgeprägte Wëll no *Verantwortung a Matbestëmmung* Rechnung ze droen,
- hun ech probéiert, *hire Bléck wäit ze maachen* (3. Welt), an doduurch hir eege Suergen a Problemer méi „relativ" ze gesin,
- war ech mer bewosst, datt déi Jonk e gespaant Verhältnes hun zu allem, wat no *„Institutioun"* richt, an hun dofir probéiert, hinne „Kiirch" an neie Formen zougänglech ze maachen, déi fir si *manner „Barrière"* waren um *Wee zu Jesus Christus,*
- *hun ech probéiert, d'*Glawenswourechten esou duerzestellen, datt se verstanen an och novollzéibar goufen.

Ech si mer bewosst, datt dat Ganzt e Versuch war, an datt nët alles esou gegléckt as, wéi et gemengt war. A mat där Aschätzung sen ech jo a gudder Gesellschaft, well schon den Apostel Paulus huet gemengt, all eist Schaffe wär nëmme „Stückwerk", also e Stéck vun deem Mosaik, un deem elo anerer weiderschaffen.

Léon KIRSCH, fréieren Nationalaumônier,
Responsabel vun der Pastoralregioun Nord an Deche vu Wolz